

Léif Kolleginnen a Kollegen, Léif Handballfrënn,

Beim Handballmatch HB Esch- HBD hat den Delegéierten virum Match verschiddene Spiller vum HBD gesot, si missten hiren Thermoshirt (am Regelbuch heescht et Unterziehhemd) ausdoen, well se an der Faarf genee d'selwecht waren ewéi d'Faarf vun den Trikoten vum HB Esch. Och wann d'Regelbuch dat op nationalem Niveau net explizit virschreibt (do ass just riets vun enger Recommandatioun), esou ass di Decisioun vum Delegéierten allerdéngs absolut novollzéibar.

Ouni elo wëllen ee Cour an der Neurophysiologie vum Aen halen ze wëllen, wëlle mir vun der Referees Commission op folgend kleng Detailler hin weisen:

- am Aen ginn et Milliounen klenger Rezeptoren, dei eng fir Faarwen ze gesinn, déi aner fir Bewegungen ze registréieren. Déi, di fir d'Bewegung zoustänneg sinn, gesinn keng Faarwen, mee just Schwarz, wäiss, an Nuancen vu Grotéin. Déi di fir d'Faarwen zoustänneg sinn gesinn keng Bewegungen. D'Infoen, dei vun deenen zwee Typpen vun Rezeptoren vum Aan opgeholl ginn, ginn am visuelle Cortex vum Gehir zu engem méi oder manner koherente Bild vun der Realitéit zesummesat.
- Hei geet Riets vun engem méi oder manner koherenten Bild vun der Realitéit, dat well d'Aen net permanent gesäit.
- effektiv ass et esou dass di eenzel Rezeptoren am Aen, ewéi all aneren Nerven am Kierper och, ëmmer nëmmen eng Aktioun gläichzäiteg kënnen maachen. Wann bis eng Info ënnerwee ass an d'Gehir kann déi Zäit keng aner Info geschéckt ginn. Dëst ermeigelegt et ons jo och an de Kino ze goen, respektiv Fernseh ze kucken. Wier deem net esou géinge mir am Kino nëmmen Standbiller gesinn.
- onst Gehir fëllt dat Lach, dat Bild wat feelt, mat engem Bild aus der eegener Imaginatioun op, wou d'Gehir mengt, dass et der Realitéit am noosten kennt.
- D'Aen kann een graff gesinn an zwou Regiounen opdeelen :
 - En zentral Regioun, wou d'Aen scharf a faarweg gesait (ronn 3-4 Biller pro Sekonn)
 - Eng periphär Regioun, wou d'Aen Bewegung registréiert, allerdings nëmmen ganz onscharf an an diversen Grotéin. Des periphär Regioun ass vill mei grouss, ewéi di zentral (ronn 100 Biller pro Sekonn)

Elleng wéinst deenen Limitatiounen, a mat der ëmmer mi grousser Intensitéit a Vitesse, mat där et op onsen Terrain'en an der SLL ofgeet, wëlle mir onsen Arbitteren hier Tâche net onnéideg nach méi schwéier maachen doduerch dass et wéinst den Thermoshirts zu komplizéierten Situatiounen ka kommen.

An Thermoshirts, déi an anere Faarwen sinn, ewéi déi vun den eegene Trikoten, oder nach schlëmmer, an der selwechter Faarf ewéi dem Géigner säin Trikot, maachen ons d'Liewen net grad méi einfach, am Géigendeel.

Zwee Beispiller :

- Falls 2 Spiller openeen treffen mat Thermoshirts vun der selwechter Faarf (Schwarz) ass et fir den Arbitter zum Beispill ganz schwéier ze ënnerscheiden, wéi een Arem (Spiller) dann fir d'Lescht um Ball war, iert deen an den Säitenaus gaangen ass
- Falls den Thermoshirt vun engem Spiller an der selwechter Faarf ass, ewéi dem Geigner säin Trikot, ass et fir den Golarbitter zum Beispill ganz schwéier un der Periphérie vun sengem Champ de Vision ze erkennen, op den Kreesspiller ee falschen Block mecht oder net.

Et ass jo sécherlech net fir näischt, dass bei IHF an EHF d'Thermohiemer (an och iwwregens Thermobox) di selwecht Faarf ewéi den Trikot muss hunn (resp. d'Box). An obwuel et keng Musse-Saach ass fir d'Nationalverbänn, mee eng Recommandatioun, denke mir vun der RefCom an der H-SLL an an der D-SLL des Regelung och esou anzeféieren :

“Langarmiges Unterziehhemd erlaubt, gleiche Farbe wie Hauptfarbe des Trikots, dünnes Material”

An dat net aus ästheteschen Grënn, mee deenen uewen genannten Ursachen.

Souwisoou müssen jo déi Veräiner, déi Europapokal spillen sech elo schonns drun halen.

Merci fir äert Versteesdemech.

Referees Commission

Hei nach wei et am DHB gehandhaabt gött:

Neue IHF Regeln

Die folgenden Bestimmungen sind für Veranstaltungen der IHF und der Kontinentalverbände verbindlich. Sie gelten auch als Empfehlung für alle Spiele auf anderen Ebenen.

Langarmiges Unterziehhemd	erlaubt	gleiche Farbe wie Hauptfarbe des Trikots; dünnes Material
T-Shirt für Feldspieler als Torwart	erlaubt	identisch mit Torwardress, Löcher für Brust- und Rückennummern mit transparentem Material abgedeckt
Kurze Unterziehhose	erlaubt	Gleiche Farbe wie Hose; dünnes Material
Lange Unterziehhose	nicht erlaubt	
Lange Hose	nicht erlaubt	Ausnahme: Torwart
Socken		Gleiche Farbe und Länge
Kleidung Offizielle		Einheitlich, entweder in Sportkleidung oder Freizeitkleidung. Farbe einheitlich, nicht wie Trikotfarbe der gegnerischen Feldspieler

Hei op dësem Beispill gesäit ee ganz gutt, dass et fir onst Aen net ëmmer direkt méigeleg ass, alles richtig ze erkennen. Wann et dann och nach séier geet, da kann et schnell emol zu Verwiesslungen an Feeler kommen :



Wou ass dem Pivot säin Arem ?



Esou ass et eendeiteg besser !

Weider Beispiller :

